N°3544
Entrée le 25.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro n° 3544 vum 27. Januar 2026 vum honorablen Här Deputéierte Marc Goergen betreffend d'Attributioun bei den ëffentlechen Ausschreiwungen u privat Busfirmen.**

*Fro 1: Wéi vill ëffentlech Ausschreiwungen beim Mobilitéitsministère goungen zënter 2020 un d'Firmen Emile Weber an WE Mobility?*

Zënter 2020 huet de Staat, sou wéi den honorabelen Deputéierte schreift, e puer Marché publics Prozeduren duerchgefouert: z.B. fir de nationalen RGTR Reseau, fir méi punktuell Linnen, fir Schülerlinnen an änlech Servicer. Des Marchéë sinn awer keng Konzessiounsverträg; et sinn entweder Déngschtleeschtungsverträg (contrat de service public) oder Kaderaccorden (accord-cadre), a se hunn och ënnerschiddlech Enverguren a Lafzäiten. Wat d'Ausschreiwung fir den nationalen RGTR Reseau betrëfft, goufen heizou vu mengem Virgänger schonn Explikatiounen a senger Äntwert vum 7. Juni 2021 op d'parlamentaresch Fro N. 4426 geliwwert.

Kaderaccorden déi "multiattributaire" sinn, erlaben et, jee no Besoin a Leeschtungsopruff, verschidde Prestatioune mëttels „Bons de commande" bei deene wirtschaftleche Bedreiwer ofzeruffen, déi am Virfeld festgeluecht goufen. An deem Sënn entsprécht d'Participatioun un engem Kaderaccord net automatesch enger eenzelner, individuell zougewisener Ausschreiwung pro Leeschtung oder pro Joer.

Aus deem Grond wier et irreféierend, d'Attributioun vun ëffentleche Marchéen op eng numeresch Zuel vu „gewonnenen Ausschreiwungen" pro Firma ze reduzéieren.

*Fro 2: Wat ass de Gesamtmontant pro Joer u bezuelte Gelder zënter 2020, déi un dës Firmen ausbezuelt gouf?*

A menger Äntwert vum 7. Mäerz 2025 op d'parlamentaresch Fro N°1932, op déi hie sech och referéiert, hunn ech déi vum honorabel Deputéierte gefroten Donnéeë scho bis 2024 matgedeelt, fir all d'Busbetriber déi d'Linne vum RGTR assuréieren. Sou datt ech mech hei am follgenden Tableau op d'Budgetsjoer 2025 beschränken:

| Busbetrib | 2025 (€) | 2025 (km) |
|---|---|---|
| AUTOBUS STEPHANY Sàrl | 3 778 878 | 1 319 212 |
| AUTOCARS EMILE FRISCH Sàrl | 3 659 146 | 1 036 548 |
| DEMY SCHANDELER Sàrl | 28 013 230 | 7 408 157 |
| MOSEA Sàrl | 23 202 903 | 6 807 239 |
| SLA S.A. | 64 288 913 | 18 438 924 |
| VOYAGES EMILE WEBER, Sàrl | 79 814 714 | 19 692 534 |
| VOYAGES ET AUTOCARS WEWER ERNY | 1 922 473 | 497 239 |
| VOYAGES JOSY CLEMENT S.A. | 6 222 023 | 1 704 122 |
| VOYAGES UNSEN SA | 1 124 167 | 262 360 |
| VOYAGES VANDIVINIT, Sàrl | 65 606 | 12 478 |
| WEMOBILTY s.à.r.l. | 34 433 126 | 9 678 282 |
| **Total** | **246 525 179** | **66 857 100** |

Lëtzebuerg, den 25. Februar 2026

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes